



Äntwert vun der Justizministesch, Sam Tanson, a vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Ufro Nr. 8026 vum 24. Mee 2023 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement

Ad 1

D'Gesetz vum 21. September 2006 iwwert de *bail à usage d'habitation* gesäit kee spezifesche Regime fir volljäreg Kanner vir. A priori si volljäreg Kanner domadder Bewunner ouni Berechtegung a kënnen expulséiert ginn, wann e Geriicht dëst ordonnéiert.

Den Artikel 372-2 vum Code civil obligéiert Elteren awer, hir Kanner och no der Majoritéit ze hebergéieren, bis datt déi erwuesse Kanner hir Bedierfnisser selwer decke kënnen a finanziell autonom sinn. Bei Erwuessenen Joncker, déi justifiéierte Studien noginn oder nach keng regulär Aarbechtsplaz fonnt hunn, sinn d'Elteren deemno verflucht, hir Kanner bei sech wunnen ze loossen.

Ad 2

Den ONE bitt folgend Mesuren un:

- Service Logement en Milieu ouvert (SLEMO):

Jugendlecher vu 18-26 Joer kréien een Ënnerdaach mat professionellem Encadrement ugebueden, wann eng *détresse psychosociale* festgestallt gëtt.

Joer	Zuel vu Jugendlechen, déi an enger SLEMO-Mesure waren
2012	71
2013	102
2014	124
2015	164
2016	194
2017	242
2018	270
2019	318
2020	305
2021	347
2022	358

- Bon d'hébergement d'urgence (BHU):

E Bon d'hébergement d'urgence (BHU) ass en Angebot vum Service de la jeunesse vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend, a gëtt zum Deel och vum ONE ausgestellt. Jugendlecher vu 18-26 Joer kënnen de BHU fir e Maximum vun 30 Deeg an Usprooch huelen, wann si an enger *situatioun de crise* sinn. Si kommen dann an enger Jugendherberg ënnerdaach. Zanter 2023 gouf den Dispositif adaptéiert. Elo sinn et nach dräi Deeg an der Jugendherberg an déi aner Deeg, wann néideg, bei der Partner-ASBL "Wunnengshëllef".

Joer	Zuel vu Jugendlechen, déi Gebrauch vun engem BHU gemaach hunn
2015	2
2016	19
2017	64
2018	34
2019	37
2020	48
2021	67
2022	91

Lëtzebuerg, den 27 Juni 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson